LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister a vun der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4697 vum 1. September 2026 vun den éierbaren Deputéieten Tom Weidig a Fred Keup iwwer de finanziellen Impakt vun der Immigratioun

1. Existéiert zu Lëtzebuerg eng Analys, Etüd oder reegelméisseg Evaluatioun iwwer de finanziellen Netto-Impakt vun der Immigratioun op d'Staatsfinanzen, ënner anerem a Bezuch op Steierrecetten, Sozialtransferten, Gesondheets-, Educatiouns-, Wunnengs- an Integratiounskäschten?

2. Falls jo, wat sinn déi wichtegst Conclusiounen, a gouf dobäi och eng Differenzéierung no Nationalitéiten, Hierkonftsregiounen oder Migratiounskategorien (Aarbechtsmigratioun, Familljenzesummeféierung, Asyl, internationale Schutz, asw.) virgeholl?

3. Falls keng esou Analys existéiert, ass d'Regierung bereet, eng ëmfaassend Etüd nom Virbild vun der dänescher Analys ausschaffen ze loossen, fir de fiskaleschen Netto-Impakt vun de verschiddene Forme vun Immigratioun zu Lëtzebuerg transparent ze evaluéieren?

4. Ass d'Regierung der Meenung, datt déi vum dänesche Finanzministère festgestallten Ënnerscheeder tëscht verschiddenen Hierkonftsgruppe prinzipiell relevant Indikatioune fir aner europäesch Länner duerstellen, oder gesäit si Grënn fir unzehuelen, datt d'Situatioun zu Lëtzebuerg fundamental anescht ass?

D'Regierung verfüügt net iwwer eng Analys vum finanzielle Netto-Impakt vun der Immigratioun op d'ëffentlech Finanzen, déi mat der Analys vum dänesche Finanzministère vergläichbar wier.

Dës Analyse, an déi aner vun den Deputéierten zitéierten Analysen, déi op ënnerschiddleche Methodologien an Donnéeë baséieren, weise gréisser Ënnerscheeder am Nettobäitrag no de Charakteristike vun den Immigrantepopulatiounen.

Déi lëtzebuergesch Migratiounsstruktur ënnerscheet sech dobäi wesentlech vun där vun den dräi studéierte Länner, wou Asyl, Familljeregroupement an extra-europäesch Migratioun eng dominant Roll spillen.

Zu Lëtzebuerg gehéiert d'Migratioun gréisstendeels zum intra-europäesche fräie Persouneverkéier an zur Aarbecht, eng Kategorie, déi dës selwecht Studien als positiven Nettobäitragszueler identifizéieren. 75,4% vun den Net-Lëtzebuerger, déi op den 1. Januar 2026 zu Lëtzebuerg wunnen, sinn EU-Bierger. D'Grenzgänger stelle ronn 47% vun den Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg.

Eng OECD-Etüd vun 2021, déi op d'Schwieregkeet vun esou engem Exercice verweist, schätzt den Netto-Beitrag vun den Immigranten zu de Staatsfinanzen zu Lëtzebuerg, - d.h. de Montant u Steieren a Sozialbäiträg, deen si bezuelen, am Verglach zu de Leeschtungen an ëffentleche Servicer, vun deene si profitéieren, op duerchschnëttlech iwwer 5% vum PIB. Op hirem Internetsite schreift d'OECD dozou:

„Als Prozentsaz vum PIB ausgedréckt ass dësen Netto-Impakt an de meeschte Fäll éischter kleng. Et ginn awer e puer Ausnamen, virun allem a Länner mat engem héijen Undeel un Immigranten, wéi d'Schwäiz a Lëtzebuerg, wou den Netto-Steierimpakt däitlech a positiv ass."[1]

[1] Impact économique des migrations ; fräi aus dem Franséischen op Lëtzebuergesch iwwersat.

5. Wéi bewäert d'Regierung de laangfristegen Impakt vun der net-europäescher Immigratioun op d'Finanzéierung vun de Sozialversécherungen, de Pensiounssystem, den ëffentleche Wunnengsbedarf, d'Infrastrukturen an d'ëffentlech Finanzen allgemeng?

D'Regierung verfüügt iwwer e laangfristege Kader fir Analysen, deen et awer net erlaabt, de Bäitrag vun der net-europäescher Immigratioun als solches ze isoléieren.

De STATEC erstellt demographesch a makroekonomesch Projektioune bis 2070, vun deenen déi lescht Versioun 2026 publizéiert gouf (STATEC Analyses 02/26). Dës Projektioune fléissen an d'Projektioune vun den Ausgaben an, déi mam Alter zesummenhänken – Pensiounen, Gesondheet, laangfristeg Pfleeg – déi zesumme mat der Generalinspektioun vun der Sozialversécherung erstallt ginn.

Op europäeschem Niveau gi Projektioune gemaach zur Alterung vun der Gesellschaft[2] déi och d'Soutenabilitéit vum Pensiounssystem analyséieren. Si ëmfaassen en Zäitintervall vu ronn 50 Joer an analyséieren nieft engem Basiszenario och eng Rei Alternativzenarien, déi d'Reaktioun vum Pensiounssystem op verschidden demographesch, makroekonomesch oder och politesch Ännerungen un den Hypotheese quantifizéieren.

Zwee vun dësen Alternativzenarie behandelen eng em 33% méi an eng em 33% manner dynamesch (vis-à-vis vum Basiszenario) Hypothees zur Migratioun. Des Projektioune weisen, dass den Impakt vu béide Migratiounszenarien op d'Ausgabe fir Pensiounen tëschent 2022 an 2070 éischter niddereg ass an de Wäert vun 0,2 Prozentpunkte vum PIB net depasséiert.

Dëse Kader enthält keng Differenzéierung no Hierkonftsland oder Migratiounsgrond vun de projezéierte Persounen.

6. Verfüügt d'Regierung iwwer Prognosen oder Modeller, déi den Nettoeffekt vun der aktueller Migratioun op d'Staatsfinanzen iwwer déi nächst 10, 20 oder 30 Joer ofschätzen?

D'Regierung verfüügt iwwer Projektiounsinstrumenter, déi dësen Horizont an nach méi wäit ofdecken.

Déi laangfristeg demographesch a wirtschaftlech Projektioune vum STATEC gi bis 2070 an integréieren eng Migratiounshypothees. Fir hir Sensibilitéit ze moossen, enthalen d'Projektiounen déi 2026[3] publizéiert goufen en alternativen Zenario, an deem de Migratiounssaldo ab 2040 op null erof gesat gëtt.

Am Verglach zu de Referenzzenarie féiert dësen Zenario zu enger markanter Beschleunegung vun der Alterung vun der Bevëlkerung: Den Altersquotient (Ofhängegkeetsverhältnis vun eelere Leit) géif bis 2070 80 % erreechen – dat heescht 80 Persoune vu 65 Joer a méi op 100 Persounen am Aarbechtsalter – géintiwwer 49 % bis 58 % no de Referenzzenarien. Dësen Zenario mat Netto-Migratioun vun null géif och zu enger Reduktioun vum potenzielle Wuesstem ëm ongeféier 0,5 Prozentpunkt bis 2070 féieren. D'Etüd vum STATEC enthält awer keng differenzéiert Projektioun vun den Auswierkungen op

[2] 2024 Ageing Report. Economic and Budgetary Projections for the EU Member States (2022-2070)
[3] https://statistiques.public.lu/fr/actualites/2026/stn11-26-projections-long-terme.html

d'Recetten an d'Depensë vun de Sozialversécherungen oder vum Pensiounssystem no Hierkonftsgrupp.

Lëtzebuerg, den 8 Oktober 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth